
FRAKTIOUN CSV



# ZÄIT FIR E WIESSEL.
# ZÄIT FIR ENG ANER POLITIK.

Süden



# DIR HUTT ET AN DER HAND!

FRAKTIOUN CSV

VIDEO

### LÉIF MATBIERGERINNEN A MATBIERGER!

„Mir wëlle jo am Prinzip weiderfueren…“ – Dat soe Vertrieder vu Blo-Rout-Gréng haut schonn. Déi nächste Regierungskoalitioun schéngt 5 Méint virun de Wale schonns gemaach. Ee komescht Demokratieverständnis.

All deenen, déi sech och dorunner stéieren, soe mir: Dir hutt et an der Hand!

All deenen, déi et net gerecht fannen, datt d'Mëttelschicht schonns ab 45.000 Euro Joresverdéngscht méi ewéi 40% Steiere bezilt, soe mir: Entlaaschtung. Elo. Dir hutt et an der Hand!

All deenen, déi net d'accord sinn, datt zu Lëtzebuerg 18% - dorënner méi wéi 40% Elengerzéier - ënnert der Aarmutsgrenz liewen, soe mir: Méi sozial Ënnerstëtzung. Elo. Dir hutt et an der Hand!

All deenen, déi sech keng Wunneng méi leeschte kënnen, soe mir: Perimeter-Erweiderung ass keen Tabu. Manner héich TVA a manner héijen Enregistrement. Elo. Dir hutt et an der Hand!

All deenen, déi Problemer mat der Gesondheetsversuergung hunn, soe mir: Gesondheetssystem u Wuesstem upassen a Privat-Initiative zouloossen. Elo. Dir hutt et an der Hand!

All deenen, déi beim Klima- an Ëmweltschutz gär eng Hand mat upaken, soe mir: Klimaschutz ouni Willkür. Elo. Dir hutt et an der Hand!

All deenen, déi mat Zäit ukomme wëllen, soe mir: Noutwendeg Infrastrukturen. Elo. Dir hutt et an der Hand!

All deenen, déi fir eng staark ëffentlech Schoul sinn, soe mir: Schoulpolitik vum Mateneen a Reform vum Sproochenunterrecht. Elo. Dir hutt et an der Hand!

All deenen, fir déi d'Wuel vum Kand am Mëttelpunkt steet, soe mir: Qualitéitsofsécherung bei der Kannerbetreiung. Fräie Choix fir d'Leit. Elo. Dir hutt et an der Hand!

All deenen, déi sécher a regional Liewensmëttel wëllen, soe mir: Eng nohalteg an innovativ Landwirtschaft, Gaarden- an Wäibau. Elo. Dir hutt et an der Hand!

Dir hutt et an der Hand! Enger Neioplo vu Blo-Rout-Gréng déi Rout Kaart ze weisen.

Fir eng aner Politik. Fir de Wiessel.

Mat der CSV. Mam Luc Frieden.



***MARTINE HANSEN A GILLES ROTH***
Co-Presidente vun der CSV-Fraktioun




# EESTËMMEG FIR DE #LUC.

Eise Spëtzekandidat.











**WÉI GESÄIT ÄRE PERSÉINLECHE BILAN VUN DËSER LEGISLATURPERIOD AUS?**
Presidentin vun der Petitiounskommissioun war e richtegen Challenge. Nach ni war de Wonsch vun de Bierger esou grouss, fir sech politesch ze bedeelegen. Et ass wichteg, duerfir als Politiker een oppent Ouer ze hunn a fir ze kucken, wat een a Beweegung ka setzen, fir datt d'Situatioun sech verbessert. D'Petitionnaire maachen och d'Chamber an d'Regierung opmierksam op Themen, un déi mir net ëmmer denken. Merci dofir!

**WAT SINN ÄR SCHWÉIERPUNKTE FIR DÉI NÄCHST 5 JOER?**
De sexuelle Mëssbrauch bei de Kanner bléift fir mech een Thema, deem vill méi op de Fong misst gaange ginn. Mir brauche fiabel Statistiken an eng neutral onofhängeg Ulafplaz, wou d'Affer sech anonym mëlle kennen a professionell Hëllef ugebuede kréien. Et geet ëm eis Kanner an dat, wat vun hinnen nach iwwreg bleift, wann een hire Kierper, hiert Vertrauen an hire Geescht mëssbraucht huet.



Nancy ARENDT ÉP. KEMP

---



Félix EISCHEN

**WÉI GESÄIT ÄRE PERSÉINLECHE BILAN VUN DËSER LEGISLATURPERIOD AUS?**
Mir war et wichteg, eis kleng a mëttel Betriber ze ënnerstëtzen. Si sinn d'Réckgrat vun eiser Ekonomie an hei hu mer Nohuelbedarf. Och Transparenz beim Ëmgang mat Staatsgelder war mir wichteg. Leider konnt ech krankheetsbedéngt net dee vollen Asaz bréngen. Dat geet awer elo besser.

**WAT SINN ÄR SCHWÉIERPUNKTE FIR DÉI NÄCHST 5 JOER?**
Ganz kloer e staarke Mëttelstand. Eist Land an eis Wirtschaft brauche staark kleng a mëttel Betriber. Eis Gemenge mussen als Serviceprovider gestäerkt ginn. Grad beim Logement. E weidere Schwéierpunkt ass een effikassen an transparenten Ëmgang mat de Steiergelder.

---

**WÉI GESÄIT ÄRE PERSÉINLECHE BILAN VUN DËSER LEGISLATURPERIOD AUS?**
Um Häerz louch mir den Asaz fir en nohaltege Gesondheetssystem mam Patient am Mëttelpunkt. E weidert Uleies war mir d'Sécherheet vun eisem Land no baussen a no bannen an dëse schwiergen Zäiten.

**WAT SINN ÄR SCHWÉIERPUNKTE FIR DÉI NÄCHST 5 JOER?**
A Saache Santé muss global gekuckt an u ville Schrauwe gedréint ginn, fir d'Attraktivitéit fir Dokteren, Professionelles de Santé a Patienten ze erhalen. Mir brauchen eng méi attraktiv a performant Arméi. Eng noutwendeg gutt an iwwerluechten Oprüstung kréie mir net zum Nulltarif.



Jean-Marie HALSDORF

**WÉI GESÄIT ÄRE PERSÉINLECHE BILAN VUN DËSER LEGISLATURPERIOD AUS?**
Ech hu probéiert, Politik méi no un d'Biergerinnen a Bierger ze bréngen. Grad an der Pandemie war mir d'Wuel an d'Sécherheet vun de Leit wichteg. Engagéiert hunn ech mech och fir méi héich Investitiounen a Sport a Gesondheet. Grad wéi och fir d'Intérêten vun eise Gemengen.

**WAT SINN ÄR SCHWÉIERPUNKTE FIR DÉI NÄCHST 5 JOER?**
Eng aktiv a nohalteg Sport- a Gesondheetspolitik ass eng Prioritéit. Weider Schwéierpunkter sinn: Zesummenhalt an der Gesellschaft, Perspektiven fir jonk Leit, staark Gemengen mam Bierger als Partner, Gesondheet a Schoulen a Veräiner geziilt férderen, nei Weeër an der ekologesch-sozialer Transitioun.



Georges MISCHO

---



Gilles ROTH

**WÉI GESÄIT ÄRE PERSÉINLECHE BILAN VUN DËSER LEGISLATURPERIOD AUS?**
D'Leit an der Mëttelschicht kréien d'Enner um Enn vum Mount net méi beieneen. Duerfir: Schaffe muss sech lounen. Entlaaschtung elo. Mir hunn do konkret Propose gemaach. Och fir Allengerzéier. Am Dossier Policefichieren hunn ech mech géint de gliesene Bierger gewiert.

**WAT SINN ÄR SCHWÉIERPUNKTE FIR DÉI NÄCHST 5 JOER?**
D'Leit brauchen eng grouss Steierreform. An eng integral Inflatiounsberengegung vun der Steiertabell. Sou séier wéi méiglech. Doriwwer eraus wäert d'Finanzpolitik allgemeng e Schwéierpunkt bleiwen. An och d'Rechtspolitik. E staarke Rechtsstaat kënnt net vum selwen.

---

**WÉI GESÄIT ÄRE PERSÉINLECHE BILAN VUN DËSER LEGISLATURPERIOD AUS?**
Wärend der Pandemie hu mär eis vill Suerge gemaach ëm eis eeler Matbierger, ëm déi krank an déi behënnert. Eis Gedanke ware beim Personal an de Cliniquen an Heemer. Si hu Groussaarteges geleescht! Suergen hunn eis och déi Jonk gemaach. Aner Sujete sinn eis Betriber, den Télétravail, d'Wuelbefannen op der Schaff, de Chômage, d'Beruffsausbildung an d'Handwierk.

**WAT SINN ÄR SCHWÉIERPUNKTE FIR DÉI NÄCHST 5 JOER?**
D'Schéier tëschent Aarm a Räich geet ëmmer méi auserneen. D'Immobiliëpräisser hunn sech ënner dëser Regierung méi wéi verduebelt. Eis Prioritéite sinn et, dem Sozialen en neit Gesiicht ze ginn. D'Aarbecht, d'Famill an d'Fräizäit erëm an d'Gläichgewiicht ze bréngen. Déi mental Gesondheet ze stäerken. De Mënsch erëm an de Mëttelpunkt ze réckelen. CSV. Mat engem groussem „S" fir dat Soziaalt!



Marc SPAUTZ

***WÉI GESÄIT ÄRE PERSÉINLECHE BILAN VUN DËSER LEGISLATURPERIOD AUS?***
Grad an der Covid-Zäit hunn ech mech fir eng Sécherheet a Fräiheet fir d'Leit agesat. Virop an eisen Alters- a Fleegeheemer. An do och probéiert, fir Opklärung an Transparenz ze suergen. Weider Engagementer waren iwwerliewensfäeg Gemengen an eng Landesplanung aus engem Goss.

***WAT SINN ÄR SCHWÉIERPUNKTE FIR DÉI NÄCHST 5 JOER?***
An der Landesplanung musse mir Neel mat Käpp maachen. Et muss elo politesch gehandelt ginn, fir de gesonde Mënscheverstand a Politik ze géissen. A mir mussen eis mat der Zukunft vun eiser kommunaler Landschaft beschäftegen. Eis Gemenge sinn de Schlëssel fir d'Liewensqualitéit um Terrain.



Michel WOLTER



Christophe HANSEN

***WÉI GESÄIT ÄRE PERSÉINLECHE BILAN VUN DËSER LEGISLATURPERIOD AN EUROPA AUS?*** D'Drénkwaasser-Direktiv, de Post-Brexit-Accord an och d'Reform vun der Gemeinsamer Agrarpolitik hunn ech erfollegräich am Numm vum Parlament verhandelt. Mee och d'Ënnerstëtzung fir d'Ukrain, déi nohalteg Finanzen an d'Anti-Deforestatiouns-Gesetz sinn a bleiwe meng perséinlech Prioritéiten.

***WAT SINN ÄR SCHWÉIERPUNKTE FIR DÉI NÄCHST JOER?***
Eng veritabel Energie-Unioun an der EU, lassgeléist vu fossillen Energien aus Drëttlänner a baséierend op erneierbaren Energien a Waasserstoff. Weider Prioritéite sinn d'Liewensmettelsécherheet a Souveränitéit, d'Medikamente-Produktioun an Europa an d'Bäitrëttspreparatioune fir d'Ukrain a Moldawien an d'EU.

groupe ppe
au parlement européen

***WÉI GESÄIT ÄRE PERSÉINLECHE BILAN VUN DËSER LEGISLATURPERIOD AN EUROPA AUS?*** Zesumme mat der EVP hunn ech Mënscherechter, Demokratie an de Rechtsstaat verdeedegt. An der EU an iwwerall op der Welt. Och Gender-gläichheet an LGBTIQ-Freedomzone. Säit 1 Joer am Zentrum: Mir stinn ouni Zweiwel der Ukrain zur Säit, mat alle Mëttelen, esou laang ewéi néideg. Et geet ëm d'Fräiheet vun eis all.

***WAT SINN ÄR SCHWÉIERPUNKTE FIR DÉI NÄCHST JOER?***
Mir wëllen: méi intensiv Verbonnenheet mat den Demokratien op der Welt; aktiv Demokraten a Mënscherechtler ënnerstëtzen; méi EU-Autonomie fir dat Weesentlechst: Alimentatioun, Medezin, Energie an och Connectivitéit; eng seriö EU-Verdeedegung opbauen; méi EU-Zesummewuessen.



Isabel WISELER-LIMA

# SCHAFFE MUSS SECH LOUNEN. STEIERLECH ENTLAASCHTUNG!

# ELO!

NOLAUSCHTER-TOUR

**5. MEE**

ESCH-UELZECHT
ESCHER MOART



# EIS PROPOSEN AUS DE LESCHTE 5 JOER.

## STEIERLECH ENTLAASCHTUNG: MÉI NETTO VUM BRUTTO.



- > Inflatiounsberengegung vun der Steiertabell
- > Steieragangsbetrag op 15.000 Euro eropsetzen (30.000 Euro fir Steierklass 1A)
- > Verbreedere vun de Steiertranchen
- > Zousätzlech Steiertranche fir Spëtzeverdénger (vu 500.000 Euro Joresakommes un)

## LOGEMENT: ENG WUNNENG FIR JIDDEREEN.



- > Méi bauen: Bauperimeter erweideren
- > Méi séier bauen: manner Bürokratie an Oplagen
- > Méi bëlleg bauen: „Bëllegen Akt“ op 50.000 Euro a Fräibetrag TVA Logement op 100.000 Euro eropsetzen
- > Bezuelbar Suë léinen: Steierplaffong fir Scholdzënsen um Eegenheem verduebelen
- > Soziale Wunnengsbau: privat Bauträger mat an d’Boot

## WIRTSCHAFT A SOZIALES: LËTZEBUERG MUSS ATTRAKTIV BLEIWEN.

- > Talenter méi geziilt unzéien
- > Steierlech Ureizer fir nohalteg Investissementer
- > Independante besser ofsécheren







## MOBILITÉIT: ENG GLÄICHWÄERTEG OFFER IWWERALL.

- Ëffentlechen Transport am ländleche Raum ausbauen
- Stroossennetz op wichtege Plazen ausbauen
- Weider P&R-Parkinge bauen
- Lued- a Waasserstoff-Infrastrukturen ausbauen

## ËMWELTPOLITIK: MAT DE LEIT.

- Prozedure vereinfachen
- Méi Fuerschung an Innovatioun
- Naturschutzgesetz upasse mat manner Willkür
- Eegenheem-Sanéierung méi staark ënnerstëtzen

## SÉCHERHEET: MÉI MËTTELE FIR D'POLICE.



- Méi Polizisten um Terrain (och an der Gemeng)
- Vollwäertege „Platzverweis"
- Méi Videoiwwerwaachung op kriddelege Plazen
- Bodycam an Taser fir all Polizist am Asaz





## GESONDHEET: DE PATIENT AM MËTTELPUNKT.

- Vergläichbar medezinesch Offer landeswäit
- Méi ambulant Medezin a méi Teleconsultatiounen
- IRM an aner Equipementer och a private Praxissen
- Digitaliséierung am Santés-Beräich virundreiwen


## BILDUNG: FIR ENG CHANCEGERECHT ËFFENTLECH SCHOUL.

- Staark ëffentlech Schoulen amplaz Parallel-Welten
- Sproochenunterrëcht reforméieren an d'Offer flexibiliséieren
- Qualitéit vun de Strukture fir Kannerbetreiung ofsécheren
- Eng richteg Hausaufgabenhëllef an de Maisons relais
- Ënnerstëtzung fir Elteren, déi hir Kanner selwer betreien



## LANDWIRTSCHAFT A WÄIBAU: NOHALTEG AN AM DIALOG.

- Liewensmëttelsécherheet als EU-Haaptzil
- Keng ideologesch Produktiounsbrems
- Innovatioun an Alternative besser ënnerstëtzen



## EIS PRIORITÉITE FIR DE SÜDEN

- Pragmatesch Mobilitéitspolitik mat ë.a. dem Bau vum Contournement Käerjeng
- Nohalteg Industriepolitik
- Digitaliséierung vun de mëttelstännege Betriber
- Méi Projete fir bezuelbare Wunnraum
- Promotioun vun erneierbaren Energiequellen

# 5 JOER
# CSV-FRAKTIOUN







# ÄR CSV-DEPUTÉIERT.
# FIR ENG ANER POLITIK.

FRAKTIOUN CSV



***IMPRESSUM***
CSV Fraktioun, 13, rue du Rost, L-2447 Luxembourg | www.csv.lu | csv@chd.lu
CSV Generalsekretariat, 4, Rue de l'Eau, L-1449 Luxembourg
Groupe PPE, 60, Rue Wiertz, B-1047 Bruxelles

Traduction
Translation
Übersetzung
Tradução

Le papier ayant servi à l'impression de cette brochure n'a pas été blanchi au chlore (Circle Silk 100% recyclé).